N°2501
Entrée le 14.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 2501 vum 24. Juni 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

***Fro 1: Gouf et eng Ausschreiwung fir de Kaf vun dësen 250 Drohnen?***
***Falls nee, wéi eng Reegele vum Gesetz iwwert ëffentlech Ausschreiwungen goufen heifir genotzt?***

Déi Drone sinn am Kader vun der Ënnerstëtzung vun der Ukrain kaf ginn. Et goufe keng ëffentlech Ausschreiwunge gemaach, mee d'Reegele vum Gesetz fir Defense- a Sécherheetsmarchée goufe selbstverständlech agehalen. Dës Reegelen erlaben et a spezifesche Fäll speziell Prozeduren ouni ëffentlech Ausschreiwung ze benotzen.

***Fro 2: Wéi ass de Kontakt tëschent der Firma an dem Ministère zoustane komm? Huet d'Firma d'Ministesch kontaktéiert oder ass de Ministère op d'Firma opmierksam ginn?***

De Kontakt ass duerch d'Aarbechten déi op der Defensedirektioun gemaach goufe fir d'Ukrain z'ënnerstëtzen entstanen. Dobäi gouf och gekuckt Equipement zu Lëtzebuerg ze kafen, dat an der Ukrain gebraucht gëtt.

***Fro 3: Wéi vill huet de Kaf vun deenen 250 Drohnen kascht?***

Aus kommerziellen a Vertraulechkeetsgrënn kënne mer de Montant net veröffentlechen.

Lëtzebuerg, den 14. Juli 2025.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes